# L’égalité entre les femmes et les hommes dans le développement local

***Conférence du 19 octobre 2009 à Junglinster***

**Intervention de Monsieur Jean-Marie HALSDORF,**
**Ministre de l’Intérieur et à la Grande Région**

D’Konferenz déi mer haut hei organiséieren as d’Fortsetzung vun enger Rei vun Initiativen déi mir an de vergaangene Joren als Regierung zesumme mam Syvicol a mat de Gemengen ennerhol hun.

Eist gemeinsamt Ziel as et jo fir d’Politik vun der Chancegleichheet an all eise Gemengen emzesetzen.

An desem Zesummenhang well ech drun erenneren dass de Ministère de l’Intérieur mam Chancegleichheetsministère un deem europäesche Projet iwer d’Gleichstellung vun Fraen a Männer um lokale Plang participéiert.

Ech weisen och op eng gemeinsam Circulaire hin, den Nr 2501 aus dem Joer 2005, an däer die 3 Partner Ministère de l’Intérieur, Egalité des chances an de Syvicol de Gemengen erklären wéi se d’Dimensioun vun der Gleichstellung an hirer lokaler Politik können integréieren. An deser Circulaire gin och Mekanismen presentéiert fir des Politik konkret an d’Praxis emzesetzen.

D’Journée des élus locaux am Januar 2006 zu Réiser an die international Konferenz 2007 zu Mamer waren Evenemneter déi de Gemengeverantwortlechen Geleenheet gin hun fir sech mat der “Charte européenne pour l’égalité des femmes et des hommes dans la vie locale” an hirer Uwendung um Terrain vertraut ze maachen.

De Syvicol huet d'lescht Joer eng Gebrauchsanweisung spezifesch fir eis letzebuergesch Gemengen erausgin déi soll hellefen fir d'Charta an den Alldag vum Gemengeliewen anzebannen.

An de Formatiounen fir Gemengenbeamten, déi am Kader vum INAP organiséiert gin, wäert d'Charta an hir Mise en oeuvre duerch en Aktiounsplang secher och en Thema gin.

--------------------------

Haut, nodeems eng Rei Gemengen die Charta ennerschriwen hun, bidde mir Iech Ureegungen un a weisen Iech Beispiller wéi een an der Praxis en "Plan d'action à l'égalité" an enger Gemeng kann erstellen :

- Dest geschitt fir d'éischt duerch en auslännescht Beispill vun Heidelberg
- Duerno kritt der eng Presentatioun iwer d'Partner déi der an der Gemeng hut um Gebidd vun der Gleichstellungspolitik an hirer Emsetzung.
- A schlussendlech soll d'Aarbecht an den Atelieren Iech praktesch Hiweiser vermëttelen fir e Plang an Ärer Gemeng opzestellen an duerno ze realiséieren.

Mir erwaarden ons, dass desen Exercice Iech Ureegunge get fir d'Charte européenne pour l'égalité des femmes et des hommes dans la vie locale ze ennerschreiwen.

A wann der dese Schrett scho gemat hut, da wäerten eis Atelieren Iech derbei hellefen den Aktiounsplang fir äer Gemeng opzestellen.

No eiser Konferenz vun haut stin d'Leit vun eisen 2 Ministären a vum Syvicol Iech selbstverstaändlech zur Seit wann dir nach Froen hut oder Hellef braucht bei der Ausaarbechtung vun äerem Plang. Och den Conseil National des Femmes, deen an der Vergaangenheet schon wertvoll Aarbecht am Intérêt vun der Gleichstellung vun Fraen an Männer um Gemengeplang geleescht huet, as gäer bereed eng Hand mat unzepaaken.

Eis nächst gemeinsam Konferenz wäert eis dann Geleenheet gin die éischt letzebuergesch Aktiounspläng könne virzestellen. Eréischt duerch die konkret Emsetzung hei am Land an duerch d'Erfahrunge vu letzebuerger Gemengen wärte mer lues a lues derzou kommen dass och déi Gemengen, déi sech haut nach méi am Hannergrond halen, d'Charta awer ennerschreiwen an sech en Aktiounsplang gin fir dass och op hirem Territoire d'Gleichheetspolitik vu Fra a Mann Wirklechkeet get.